



Do war eng grouss Ambitioun hannert deem Projet an dat ass och amgaangen, alles lues a lues ëmgesat ze ginn. Et ass esou, dass Europa do e Virreider ass, am Sënn, dass Europa déi Géigend an der Welt ass, déi dat am séiersten ëmsetzt.

Fir dat direkt virauszeschécken a well dat och vum Deputéierte Mosar ugeschwat ginn ass: Lëtzebuerg huet sech agesat am ECOFIN op eng regelméisseg Aart a Weis, fir dass Europa natierlech ka Virreider sinn oder e Pionéier, mä an engems och muss kontrolléieren, wéi déi aner Géigende vun der Welt dat ëmsetzen. An dat ass dunn am Juni vun dësem Joer geschitt op meng Proposition hin, dass d'Kommissioun an de Conseil géife regelméisseg berichten, wéi déi aner Géigende vun der Welt déi ganz Initiativ vun der OECD a vum G20 ëmsetzen. A mir wäerte wahrscheinlech am Ufank vum nächste Joer déi gutt Geleeënheet hunn, och en État des lieux ze maachen, och am Kontext vun deem, wat an Amerika wäert geschéien. Wéi konkret den neie President säin Agenda fiscal wëllt ëmsetzen, ass nach net gewost. Mä mir mussen dat natierlech ganz genau kucken.

Mir hunn also hei eng Direktiv, déi déi Initiativ vu BEPS - dat ass d'Aktioun 13 - ëmsetzt. Dat ass eng vun den Aktiounen, déi mat der Transparenz ze dinn hunn, dat heescht Échange d'informations. Mir kennen dat och an Europa an zu Lëtzebuerg an der Tëschenzäit ganz gutt. Déi Transparenz bréngt mat sech, dass mer méi Kloerheet kréien an doduerch méi Steiergerechtegkeet. D'Direktiv gesäit also vir, dass en „country-by-country reporting“ gemaach gëtt, dat heescht, dass d'Multinationallen, déi e Chiffre d'affaires hunn iwwer 750 Milliounen, eng ganz Rëtsch Informatiounen mussen uginn, hiert Kapital, hiert Resultat fir d'Joer - viru Steieren, no Steieren - den Émsaz, an dann och detailléiert mussen uginn, wéi vill Steiere se a wéi Länner bezuelt hunn.

Et ass esou, dass d'Aktioun 13 vu BEPS, wou jo e Konsensus da vum ganze G20 a vun der OECD statfonnt huet, en Échange d'informations virgesäit tëscht Administratiounen - tëscht den Administratiounen! An et ass effektiv och esou, dass d'Europäesch Kommissioun eng ganz Rëtsch Initiative geholl huet, fir deen Échange d'informations, deen elo hei an där heiter Direktiv jo limitéiert ass op d'Administratiounen, fir deen ze erweideren.

Dat stéisst op eng ganz Rëtsch Schwieregkeeten, ënner anerem, dass et iwwer BEPS ewechgeet. Et ass also net dat, wat um Niveau OECD a G20 ofgemaach ginn ass. Mir hu ganz kloer Indikatiounen vum ville Länner baussent Europa, dass se deen Échange d'informations hei net wäerte public maachen. Wann also d'EU elo géif unilateral dat maachen, sti mer net nëmmen e bëssen eleng do, mä mir schueden natierlech der Kompetitivitéit vun den europäeschen Entrepreneuren.

Dofir huet Lëtzebuerg och d'Positioun ageholl, dass, soulaang kee Konsensus an deene meeschte Länner vum G20 a vun der OCDE besteet, fir dee public ze maachen, et keng gutt Iddi ass, fir deen Échange d'informations och um Niveau europäen iwwert d'Administratiounen ewech auszudeenen. Domat, mengen ech, hunn ech dann och op d'Question parlementaire, déi gestallt gi war, geäntwert.

Mir hunn hei eng ganz Rëtsch Délaien, déi virun eis stinn. Deen Échange d'informations start eréischt den 30. Juni 2018, basierend op Informatiounen, déi collectéiert ginn am Joer 2017.

Ech freeë mech, dass mer e grouse Konsens hei an der Chamber hunn, well d'Transparenz ass jo eppes, wat mir zu Lëtzebuerg eréischt an deene leschte Jore voll ënnerstëtzt hunn. Dat ass och eppes, wou dës Regierung ganz wesentlech Schrëtt gemaach huet.

A vu dass ech gëschter zu London war a vill Akteure vun der Finanzplaz London begéint hunn, kann ech lech nëmme soen, dass dat dee richteg Schrëtt war, dass Lëtzebuerg a Richtung Transparenz gaangen ass, well soss wäert mir kee Partner, an deen auslännesch Investisseure wëllen haut investéieren. De Fait, dass mer op kenger schwaarzer Lëscht méi sinn, dass mer e ganz kredibele Cadre juridique hunn, wat d'Supervisioun ubelaangt a wat d'Transparenz ubelaangt, ass en fait haut eng Stärkt an net eng Schwächt.

Zum Ofschloss nach zwou Saache par rapport zu de Froen, déi den Deputéierte Mosar gestallt huet: Jo, ech kommen eng Kéier an d'Commission des Finances et du Budget, fir iwwert déi ganz Thematik Prix de transfert ze schwätzen. An deene leschten Deeg war einfach d'Zäit net, fir dat nozerechen. An et ass jo och esou, dass dat eng komplex Matière ass, an et muss een dat uerdentlech virbereeden, fir dass een dat uerdentlech zesumme kann diskutéieren.

Deen zweete Punkt iwwer Gesetz a Circulaire: Dës Regierung huet en fait a Saachen Transpa-

renz bewisen, dass mer déi meescht Initiativen, déi mer huelen, iwwer Gesetz maachen. Ech deelen Är Analys, dass dat de préférierte Wee soll sinn.

Mä ech mengen, mir sollen awer déi Method net ausschléissen vun der Circulaire, déi mer jo an der Vergaangenheet vill gebraucht hunn an déi mer och heiansdo nach haut gebrauchen, an déi net komplett aus dem Wee schafen. Mä ech deelen Är generell Approche, dass de Wee vun der Legislatioun och méi Transparenz bréngt, well een den Débat huet an d'Document-parlementairen. Mä heiansdo brauch ee Circularen, fir déi néideg Interpretatiounen oder och Assurancen den Entrepreneuren ze ginn.

Ech soen lech Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet 7031 ukomm a mir géifen direkt iwwert de Projet ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7031 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet 7031 ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen iwwergoen zum Projet de loi 7067 iwwert de Journal officiel. D'Riedezäit ass nom Basismodell virgesinn. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorebelen Här André Bauler.

10. 7067 - Projet de loi concernant le Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1842 ass dat jonkt Lëtzebuerg, dat duerch den éischte Londoner Vertrag 1839 en onofhängege Stat gouf, dem Däitschen Zollveräin, enger Union douanière, bäigetrueden. Dëst war e wichtege Schrëtt, well mer ouni Zollveräin als klengt Land op wirtschaftlech Plang iwwerhaapt net hätte bestoe kënnen.

Duerch den Zollveräin ass däitscht Kapital op Lëtzebuerg komm. Duerch den Zollveräin gouf et méiglech, eis Stolindustrie lues a lues op d'Schinnen ze setzen. De Kinnek-Groussherzog Wëllem den II. war Lëtzebuerg gutt gesénnt. En huet eis net nëmmen den Embryo vun enger éischter Verfassung geschenkt, hien huet och déi éischt Gesetzgebungen an d'Wee geleet, wéi zum Beispill d'Gemeengesetzgebung vun 1843 oder d'Gesetz iwwert d'Reform vum Enseignement primaire aus deemselwechte Joer.

Ënner senger Herrschaft ass och déi liberal Verfassung vun 1848 ugehall ginn, déi éischt Konstitutioun vum Grand-Duché, déi déi modern Fräiheeten definéiert huet. Kee Wonner, dass Stad a Land un hie mat enger Skulptur um Knuedler erënneren, wou de Wëllem den II. duerch eng Statu, e sougenannt „Reiterstandbild“, also héich an houfreg zu Päerd, äänlech dem Louis XIV am Virhaff vum Versailler Schloss, geëiert gëtt a verëiwegt ass.

1842 ass awer och wéinst engem aneren internen Akt an d'Geschicht gaangen. Dat Joer ass näamlech deen allsäits bekannte Mémorial agefouert ginn. Effektiv, d'Veréffentlechung vun de legislativen Dispositiounen ass aktuell festgesat duerch de kinneklech-groussherzoglechen Arrêté vum 22. Oktober 1842, dee regelt, wéi d'Gesetzter publizéiert ginn. Dëse Regimm huet am Laf vun der Zäit verschidden Upassungen erlieft, virun allem duerch dat groussherzoglecht Reglement vum 9. Januar 1961 iwwert déi dräi Recueil vum Mémorial, sou wéi mer en haut kennen.

Déi legislativ Matière gëtt, mir wëssen dat, ëmmer méi komplex a méi voluminéis. Dës gesetzlech Komplexitéit oder „déi“ gesetzlech Komplexitéit beréiert och déi wirtschaftlech Aktivitéit an ass d'Ursach vun zousätzlechen Chargen a Verflüchtungen fir eis Bierger, fir eis Betriber a fir eis Gemengen.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, fir en elektronesch Journal anzeféieren, den „Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg“, dee gratis accessibel ass an deen e gesetzleche Wäert huet, an dëst konform zur europäescher Direktiv 2003/98 vum Europäesche Parlament an dem Conseil vum 17. November 2003, déi sech mat der Neibenotzung vun Informatiounen am éffentleche Secteur befaasst.

Fir onnéideg juristesche Onsécherheeten ze vermeiden sief nach gesot, dass déi besteend Reglementatioun vun der Veréffentlechung vu gesetzlechen an aneren offiziellen Texter zum Deel iwwert de Wee vun dësem Gesetzesprojet an zum Deel iwwer e groussherzoglecht Reglement ofgeschafft gëtt.

Dëse Projet schreift sech an de Kontext vun der technologescher an der numerescher Entwécklung an. E beweegt sech och am Kader vun der Initiativ „Digital Lëtzebuerg“.

De Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen sollen, féiert och zu enger Reduzéierung vun de Budgetsdépenses, déi mat dësem Service ze dinn hunn, well den offizielle Journal vum Grand-Duché eben nëmmen nach just an Ausnahmefäll op Pabeier gedréckt soll a wäert ginn. Déi sougenannten Abonnements publics ginn näamlech ofgeschafft. Den Abonnement op d'Pabeierversion vum Mémorial, wéi mer dëse Journal am Volleksschmon nennen, bleift och weiderhi méiglech, muss allerdéngs vun den interesséierte Leit selwer bezuelt ginn, soudass d'Drockkäschten, déi ufalen, käschtedeckend sinn.

Laut der finanzieller Fiche, déi de Ministère dem déposierte Projet de loi bäigefügt huet, hu sech am Joer 2015 d'Drockkäschte vun de Mémorialen A a B fir d'Abonnés publics op bal 360.000 Euro belaf. Déi géife jo dann ewechfalen. Amplaz vun dësen Onkäschte géif allerdéngs eng eemoleg Dépense vun 30.000 Euro ufalen, fir en elektronesch Certificat op d'Been ze stellen, deen eis garantéiere wäert, d'Authentizitéit vum Mémorial festzustellen.

De Paradigmewissel, deen hei erbäigeféiert gëtt, besteet doranner, dass an Zukunft déi elektronesch Veréffentlechung där classescher, also där ënner Form vu Pabeier, virgezu gëtt. Dat ass eng wichteg Entscheidung um Wee an eng legislativ Prozedur, déi haaptsächlech digital ëmrummt gëtt, an dat vum Ufank bis un d'Enn vum Prozess.

Dëse Projet gëtt motivéiert duerch der Regierung hire Wëllen, den Accès op Informatiounen ze vereinfachen, eng Modernisatioun erbäizeféieren, déi en net onbedeitenden Hiewel ass, wann et drëm geet, eiser Wirtschaft an eiser Gesellschaft insgesamt ze hëllefen, méi séier an also mat mander zäitlechem Opwand un Informatiounen ze kommen.

Mir sinn iwwregens net déi Éischt, déi op dëse Wee ginn. A Frankräich mécht een zënter 2015 gréisstendeels positiv Erfahrung mat engem Journal officiel électronique - ënner elektronischer Form. De Statsrot weist iwwregens a sengem Avis drop hin, dass zu Lëtzebuerg laut enger Eurostat-Etüd eng grouss Majoritéit vun de Bierger, also 96%, Accès op den Internet hunn. Dat ass mat Holland deen héchsten Taux an der Europäescher Unioun. De Statsrot seet weider, dass dësen héijen Taux et méiglech géif maachen, fir komplett op den elektronesch Journal officiel ëmzeglamm, well et weiderhi jiddwerengem méiglech wäert sinn, dëse Journal a seng Inhalter ze consultéieren, ëmsou méi, well och déi wéineg Leit, déi keen Accès op Internet hätten oder wëllen, sech nach ëmmer eng Kopie op Pabeier besuerge kënnen.

Och am Fall vun enger Ënnerbriechung am Internet, zum Beispill duerch eng länger Stroumpann, wäert eise System net zesummefalen. Och wann et deem engen oder aneren an deem Fall ganz schwéier wäert falen, fir eng Zäitchen op Facebook oder Twitter ze verzichten, kann ee sech och weiderhin an där Situatioun iwwert d'Publikatioun vun den normativen Akten informéieren. De Gesetzesprojet

gesäit näamlech vir, dass an esou engem aussergewöhnleche Fall eng Printversion entweder an den Tribunaux d'arrondissement an op de Friddensgerichter ausgehaange gëtt oder dem Public iwwert de Wee vun der Press zougänglech gemaach gëtt.

Den neie Journal officiel gesäit zwou Serië vir: de Mémorial A fir all gesetzlech a reglementaresch Akten an déi aner generell Akten, déi der Éffentlecheit zougänglech gemaach musse ginn. De Mémorial B gesäit Texter vir, déi net d'Generalitéit vun der Éffentlecheit betreffen. Déi gesetzlech a reglementaresch Akte sinn obligatoresch vum véierten Dag un, wou se am Journal officiel publizéiert goufen, ausser et wier anescht geregelt. Géif den automatesche System fir eng Zäit ausfalen, dann därfer den offizielle Journal, wéi scho gesot, ënner Pabeierform erauskommen.

Am Résumé kann ee soen, dass dëse Gesetzesprojet de legale Kader vum offizielle Journal vum Grand-Duché réviséiert an en un d'Existenz vun der technologescher Entwécklung, der digitaler Entwécklung, wann een dat esou soe wëllt, upasst, andeems een d'Dispositiounen, déi aktuell iwwer méi Akte verdeelt sinn, an engem eenzegegen Text regroupéiert.

Iwwert dëse Wee gëtt d'Veréffentlechung vun den normativen Akten aus der Ära vum Drock op Pabeier - et kann ee soen: der Gutenberg-Ära - an déi digital Ära eriwurdegefouert. Et ass zwar keng kopernikanesch Revolutioun, ma duerfir awer e grouse Schrëtt um Wee an en digitalt Lëtzebuerg, dat et de Bierger erlaabt soll, méi séier a méi einfach un normativ Akten an u staatlech Informatiounen ze kommen.

Fir all Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Dëst gesot, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet. Merci alle Kollegen aus der Institutiounskommissioun fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht, besonnesch och hei dem Här President. An da ginn ech den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, der DP.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An déi éischt ageschriwwene Riednerin, d'Madamm Octavie Modert, ass scho prett. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Merci, Här President. Merci och dem Här Rapporteur fir säi geblumelte Rapport. Ech wär vläicht net gradesou wäit eropgeklommen, op e Reiterstandbild oder bis op Versailles. Mä sécherlech ass dat hei trotzdeem eng bedeitend Etapp an der Publikatioun vun eise Gesetzter. Et ass eng logesch Folleg vun Entscheedungen, déi scho 15 Joer laang zrëckginn. An dofir, mengen ech, läit et an der Natur vun der Saach, fir elo dës Etappen an der Dematerialiséierung ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2002 ass de Legilux online gaangen an de Mémorial ass elektronesch ginn, digital ginn. An deemselwechte Joer 2002 an 2003 ass déi éischt Etapp geholl ginn, fir d'Dematerialiséierung vum Mémorial C ze maachen, deen iwwer 2009 an do bis déi lescht Etapp dëst Joer mam Projet de loi RESA dee Moment net méi gedréckt gëtt, mä nach just elektronesch disponibel ass. Dat ass also och déi gréissten Erspuerenis an deem ganze Beräich vun der Dematerialiséierung an Digitaliséierung vun den dräi Mémorialen, elo nach zwee. Dofir behaupten ech och am Géigesaz zum Rapporteur, datt Lëtzebuerg dat Éischt war, dat de Journal officiel elektronesch hat, jiddefalls Viretappen dovunner, nach virun de Fransousen.

Här President, et ass also déi logesch Folleg vun Entscheedungen, déi zanter Ugank vun den 2000er Jore geholl gi sinn. Dofir ass d'CSV och averstane mat dësem Gesetz, sou wéi de Rapporteur an an där Fassung, wéi den Här Rapporteur et och elo grad hei hannerluecht a virgestallt huet.

Dat Gesetz garantéiert och ee Punkt, dee ganz wichteg ass, wa mer iwwer Gesetzter schwätzen, näamlech d'Accessibilitéit zu de Gesetzter ze hunn, well mir kennen alleguer den Adage «Nul n'est censé ignorer la loi». Et ass also e wichtege Punkt, datt all Mënsch kann zrëckgräifen op d'Informatioun, wat an deem Gesetz drasteet.

Dat geet iwwer e puer Aart a Weisen. Dat geet zum Beispill, andeem ee sech kann aschreiwen op eng Newsletter an domat da gewuer gëtt, wann en neie Mémorial, also en neit Gesetz, erauskënnt, eng Newsletter, déi et zanter 2012 gëtt. Dat kann een awer och maachen, andeem ee sech nawell nach op eng gedréckte



Versioun vum Mémorial abonnéiere kann, sou-datt, mengen ech, déi wichteg Accessibilitéit garantéiert ass, sécherlech.

Wa mer vun Accessibilitéit schwätzen, dann hunn ech nach eng Fro, déi ech mer stellen, nämlech: Wéi gesäit dee Mémorial an Zukunft aus? Bleift en an der Form lieserlech? Gëtt en äänlech gemaach, wéi en elo ass? Gëtt en anescht ersogemaach? Bleift e lieserlech, well dat ass fir mech och eng Fro vun Accessibilitéit - lieserlech ass gläich accessibel?

Eng aner Fro kann ee sécherlech och nach stellen, wann ee weiderdenkt: Wéi ass et mat Circulären? Där ginn et jo e ganze Koup, zum Beispill vun Établissement-publicken, mä awer och vu Verwaltungen, déi jo eng gewëssen normativ Valeur hunn. Kéint ee sech net virstellen, déi och op engem eenzege Site wéi zum Beispill dësem ze regruppéieren? Ech mengen, do ass nach Matière, fir weider nozedenken. Et ass och nach Matière do, fir eventuell virunzefueren an dësem Beräich.

Mir sinn also, Dir Dammen an Dir Hären, hei an enger logescher Suite, awer och am Geescht vun der Zäit, fir de Mémorial A a B, de Journal officiel also, elektronesch ze gestalten.

Ech muss awer soen, datt zwou Saache sinn, déi mech awer erstaunen hei. Dat Éischt ass, datt ech awer ganz erstaunt sinn, wéi spéit dëse Gesetzesprojet déposiert ginn ass. Knapp dräi Méint sinn et hier, den Oktober 2016. Ech denken, dat hätt ee kënnen anescht maaachen. Dorobber huet ee sech jo sécherlech och virbereet gehat. Wann ee weess, datt e Kontrakt elo op den 1. Januar ausleef, dann denken ech, ass dat jo eppes, wat net eréischt elo am Oktober opgefall ass, a grad bei deem Service do sinn ech e bëssen iwwerrascht, datt deem dat Gesetz esou spéit eréischt an der Chamber hannerluecht huet.

Dat Zweet, wat mech iwwerrascht, datt ass eigentlech, wéi den Text geschriwwen ass. Et ass keng gutt Légistique, sou wéi den Text gemaach ass, an dat iwwerrascht mech allerdéngs och gradesou vill, wann net nach méi bei dësem Service. De Statsrot huet ënner anerem véier Oppositions formelles ausgeschwat. Ech muss soen, legistesches ass dat do keng Stärestonn gewiescht, an do sinn ech schonn e bëssen iwwerrascht, grad fir dësen Service.

Mir hëllefen awer gär, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alleguer heibannen, fir datt den Text op den 1. Januar 2017 a Kraaft triede kann. Dat geet jo elo nach just duer. A Gott sei Dank huet de Statsrot och en neien Textvorschlag gemaach, soudatt mer elo e proppen a klore Gesetzestext hunn. An dofir stëmmt d'CSV dëst Gesetz, et ass dat logescht Aboutissement vun enger Entwécklung, déi virun ongeféier 15 Joer ugefaangen huet.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Modert. D'Wuert huet den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Virop och e Merci un de Rapporteur André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport. Nom Ofschafe vum Pabeiersmémorial C duerch d'RESAs-Gesetz ufank dëst Joer zéie mer dann elo haut no mam Ofschafe vum Mémorial A a B, wat duerch en elektronesch Journal officiel ersat gëtt.

Mir begrëssen dat. Ech mengen, dat ass e Schrëtt an d'Richtung, fir d'Gesetzter méi schnell a méi lieserlech ze verëffentlechen. All Gesetz kritt elo säin eegene Mémorial A a gëtt doduerch méi lieserlech a méi einfach accessibel fir d'Bierger an och fir d'Juristen.

Dëst mécht och den Accès zu de Gesetzter méi einfach. Et huet haut jiddwereen Internetaccès, dorunner huet de Rapporteur nach eng kéier erënnert. An déi Weineg, déi keen hunn, déi kréien ëmmer nach e Pabeiersmémorial à disposition gesat, soudass effektiv den Adage «Nul n'est censé ignorer la loi» hei respektéiert ass.

Eppes, wat ech nach wollt ervirsträchen, an dat ass an den Diskussiounen an der Kommissioun och kloer gesot ginn, ass, dass dësen elektronesch Journal officiel och ze gesinn ass an enger méi breeder Reform vum elektroneschén Accès zu eiser Legislatioun. De Service central de législation ass amgaangen, eng nei Method vu Recherche op eis Gesetzestexter anzeféieren, déi se Recherche sémantique nennen. Dat ass am Fong äänlech wéi eng Google-Recherche, wou duerch Lienen op verschidde Mot-cléen an „Taggen“ kënnen Texter fonnt ginn an och Lienen ënner Texter gemaach ginn, soudass och do d'Hoffnung be-

steet, dass d'Gesetzestexter mat de Circulären a mat de Reglementer kënnen verbonne ginn an op eng lieserlech an einfach accessibel Aart a Weis de Leit zur Dispositioun gestallt ginn.

Mä, wéi gesot, dat hei ass, mengen ech, eng ganz gutt Saach am Sënn vun engem besseren Accès an enger besserer Lieserlechkeet vun de Gesetzter. An dofir si mir als LSAP natierlech och d'accord mat dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déli gréng).** - Merci, Här President. Jo, d'Madamm Modert huet net ganz onrecht, wa se seet, datt mer hei ganz schnell geschafft hunn. Effektiv, d'Gesetz ass am Oktober déposiert ginn, ufank Oktober. Mir hunn den Avis vum Statsrot fir Niklosdag kritt. Den Avis vum Statsrot hat eng Rei Oppositions formelles, an ech sinn och der Meinung, datt mer an der Chamberskommissioun gutt geschafft hunn an datt d'Propositione vum Statsrot, deene mer Rechnung gedroen hunn, pertinent waren, soudatt ech mengen, datt mer elo e besseren Text hu wéi mer en ursprénglech haten.

Eigentlech maache mer en historiesche Schratt. Ech hat gemengt, d'Rapporteur géif haut dat soen, wat en an der Kommissioun gesot huet: „Mir soen der Gutenberg-Ära Äddi a mir soen: Moien, digital Luxembourg!“

Et ass effektiv schonn e bedeitende Schrëtt. Mir maachen dat, wat mer a ganz villen anere Gebidder och erliewen. Dat heescht, mir ginn erof vun enger Publikatioun op Pabeier a mir ersetze se duerch eng Onlinepublikatioun. Ech mengen, datt mer och genuch Sécherheeten hunn, déi eis garantéieren, datt mer och déi richteg Texter kënnen op den offizielle Sitte kucken. An ech mengen och, datt et an Zukunft - ech mengen, den Här Fayot huet do eng Rei Beispiller opgezielt -, méi einfach dierft sinn, sech an den Dokumenter ermëzefannen an eppes ermëzesichen, wéi dat an der Vergaangenheet war. D'Dokumenter musse jo och net nëmmen den Datum vun der Publikatioun droen, mä och eng lafend Nummer.

An ech bréngen dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Mir maachen haut dat, wat duerch eng EU-Direktiv 2003 agelaut gouf, wat an eisen Nopeschlänner och geschitt. Ech wëll mech net an deem Discours amëschen, ob elo d'Fransouse vir waren oder ob mir vir waren. Op alle Fall zéie mer elo no.

Ech mengen awer, datt dëst Gesetz e weidere Grond ass, fir schnellstméiglech drop hinzeschaffen, datt all Mënsch zu Lëtzebuerg ka vu schnellen Internetkonnexiounen profitéieren. Ob et dann elo 80%, 90% oder 96% sinn, ech mengen, mir müssen einfach op 100% hischafen, well et ass jo esou, datt all Bierger virum Gesetz gläich ass. All Bierger soll déiselwecht Aarbechtskonditiounen kréien. An hei kënnt och nach derbäi: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Also musse mer och jiddwerengem déiselwecht Méiglechkeete ginn, fir sech ze dokumentéieren.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. Ech hat allerdéngs matkritt, dass den Här Gutenberg net vergiess gi war.

► **M. Claude Adam (déli gréng).** - Dann hat ech do ee Moment e Lapsus.

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Dir hat do net richteg nogelauschtert. Et ass awer net schlëmm.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat ass net schlëmm. Mä den Här Rapporteur hat en am Rucksak, also en ass hei zu Eiere komm. An d'Wuert huet direkt den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg André Bauler Merci soe fir säi Rapport an och dee geschichtleche Réckbléck, deen en eis ginn huet. Ech mengen, datt mer dee Schrack haut maachen, dat ass quasi an eiser Zäit vun haut eng Normalitéit, dat dee gemaach gëtt. Mir sinn an engem aneren Zäitalter ukomm an duerfir begrësse mer och als ADR, datt mer haut dat Gesetz hei virleien hunn, a mir wäerten dat Gesetz och duerfir stëmmen.

Ech mengen, et ass virdu vu menge Virriedner gesot ginn, datt mer müssen derfir suergen, datt all Bierger den Zougrëff op d'Gesetzter huet. Et ass och gesot ginn, datt 96% vun de Leit hei am Land en Internetuschloss hunn. Nach bleiwen da 4%, 4%, déi keen Internetuschloss hunn, déi awer kënnen op den Internet zréckgräifen, wa se dermat eens ginn, sief

et an Internetstufen oder bei Frënn oder Famill, wou se dat kënnen maachen, a sécherlech geet dann de Prozentsaz nach weider erof.

D'Fro stellt sech, ob ee fir déi puer Prozent, déi da bleiwen, déi och nach ëmmer d'Recht hunn, fir et an enger geprinter Form kënnen ze kréien, ob een duerfir awer och nach huet misse soen, datt déi eppes musse bezuelen. Ech mengen, déi Leit si jo wahrscheinlech Leit, déi sech net an deene moderne Kommunikatiounsmëttel doheemfannen. Et sinn och Leit, déi dann iergendwéi eng Démarche musse maachen, fir dat ze kréien. Et hätt ee sech kënnen virstellen, datt een do eng vereinfacht Form gemaach hätt a gesot hätt: Jiddwereen, deen dat gären hätt, dee kritt dat. Et hätt een och vläicht eventuell kënnen mat de Gemenge schwätzen, datt d'Gemengen, déi méi no bei de Bierger sinn, eventuell dat hätt gratis kënnen maachen.

Et ass op jidde Fall ënnert dem Stréch awer eng gutt Saach, wat mer haut hei maachen. Ech mengen, mir wieren och elo vläicht do ukomm, datt ee kéint weiderdenken, an zwar datt, wann een de Mémorial huet oder d'Gesetzter an engem elektronesch Mémorial-Journal elo verëffentlecht, datt een och emol misst driwwer nodenken, ob een net kéint déi Gesetzter a méi enger vereinfachter Form duerstellen, zwar net all Gesetzter, mä déi Gesetzter, déi méi vun de Leit gebraucht ginn. Ech denken do un d'Familljerecht, ech denken un d'Aarbechtsrecht, ech denken un de Logement, wou d'Leit méi kucke ginn a wou déi normal Bierger sech ganz dacks net an de komplizéierte Gesetzestexter ermëfannen, ob een also net och kéint higoen an Texter a méi enger vereinfachter Form duerstellen. A firwat net och déi Texter eventuell an enger vereinfachter Form op Lëtzebuergesch duerstellen, fir datt och all Bierger am Land déi Gesetzter ka richteg verstoen, wéi se gemengt sinn, quitte datt dee franséischen Text nach ëmmer deen ass, dee juristesches zielt?

D'selwecht kann ee sech och emol Gedanke maachen iwwert d'Schreifweis, wéi een déi Texter, déi vereinfacht Texter da géif verëffentlechen. Mir hunn och Leit, déi Problemer hu mam Liesen oder en aneren Handicap hunn, wou et haut och Moyene gëtt, fir deene Leit a méi grousser Schrëft an anerer Schrëft déi Texter zoukommen ze loosse.

Duerfir wier ech frou, wann d'Regierung sech géif doriwwer Gedanke maachen. Nodeem mer dëse Schrack gemaach hunn, mengen ech, géif et eise Land och gutt zu Gesiicht stoen, wa mer da géifen eng méi vereinfacht Form presentéieren, wou all Mënsch, egal wéi säin Zoustand ass, Accès dozou hätt.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. An elo huet d'Regierung d'Wuert, de Minister Fernand Etgen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen, Ministre aux Relations avec le Parlement.** - Merci, Här President. Erlaabt mer, virop all deene Merci ze soen, déi un der Realisatioun vun dësem Projet de loi matgewierkt hunn, alle virop de Mataarbechter aus dem Service central de législation, där zoustänneger Chamberskommissioun a last but not least dem Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säi prezise mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech mengen, déi vill Aarbecht an déi séier Aarbecht, déi gemaach ass ginn, déi erlaabt et eis, datt d'Gesetz, esou wéi dat geplangt war, fir den 1. Januar a Kraaft kann trieden. Den 30. Dezember 2016 wäert et dann déi leschte kéier sinn, datt de Mémorial a Form vu Pabeier ausgedeele gëtt. Et war de Samschdeg virun 174 Joer, wéi de Mémorial kreéiert ginn ass, an ab dem Januar 2017 gesitt Der dann déi nei elektronesch Fassung, déi elo amplaz vun der Pabeiversioun d'Valeur légale kritt. An dann, mengen ech, kënnt Der lech iwwerzeegen, datt och eng Rei kleng lieserlech Adaptatiounen do virgeholl gi sinn, datt och dann de Mémorial an der Zukunft wäert eng lieserlech Form jiddefalls hunn.

Mir hunn op jidde Fall mat dësem Gesetz iwwert de Journal officiel e Quantesprong an d'21. Jorhonnert gemaach. Domadder si mer ganz an der Linn vun Regierungsprogramm. Ech zitieren do: „(...) Digitaliséierung vum Statsapparat systematesch an Ugrëff huelen, fir an Zukunft méi einfach, méi séier a méi transparent mat de Leit a Betriber schaffen ze kënnen. Mir wëllen de Bierger e sécheren, onkomplizierten a selbstbestëmmten Émgang mat informatéschen Donnéeën garantéieren.“

An deem Sënn ass och, mengen ech, d'Décioun geholl ginn, dëse Service vum Mémorial komplett ze internaliséieren. Dowéinst huet de Stat elo d'Kontroll iwwert d'legislativ Donnéeën

vun der Konzeptioun bis zur Publikatioun, wat hautdesdaags ëmmer méi wichteg gëtt.

D'Sécurité juridique an d'Sécurité électronique ginn och an dësem ganze Prozess verbessert. Dës Donnéeën sinn ënnert der Form „linked open data“ disponibel. Dat klängt elo e bëssen technesch, mä dat ass déi modernsten Aart a Weis, fir Donnéeën ze publizéieren. Dat Format bréngt mat sech, datt d'Reutilisabilitéit an d'Interkonnexioun vun den Donnéeën méiglech gëtt. Ech mengen, esou kënnen zum Beispill nei Appe ronderëm d'Legislatioun vun innovativer Leit entwéckelt ginn. An ech mengen, dat ass jo genau dat, wat den Här Fayot an den Här Gibéryen am Fong och gefrot hunn.

Ech mengen, vun eiser Säit ass jiddefalls virgesinn, datt schonn am éischte Semester vun nächste Joer ganz vill Neierunge fir de Legilux wäerten derbäikommen, e Prozess, deen, wéi d'Madamm Modert et gesot huet, schonn am Joer 2002 an d'Wee geleet ass ginn an deen duerch déi gesetzlech Dispositiounen, déi mer haut getraff hunn, duerch dee Wee elo ka konsequent jiddefalls ausgebaut ginn.

Duerch all dës Mesurë gëtt awer net nëmmen och d'Sécherheet garantéiert, mä duerch d'Internalisatioun gëtt och och um Budget gespuert. Souwuel fir den interesséierte Bierger wéi och fir d'Leit am juristeschen a legislativen Domän, déi do schaffen, bleift awer den Accès zu der Lëtzebuurger Legislatioun gratis, en Accès, dee jiddefalls an der Zukunft méi performant a méi benotzerfrëndlech gëtt wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Ech soen lech Merci fir eng breet Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann iwwert de Projet de loi 7067 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7067 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 7067 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 7073 iwwert d'Erweiderung vum schouleschen Ugebuert vum Lycée technique Michel Lucius. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, ass scho bal prett. Dir hutt d'Wuert, Här Delles.

11. 7073 - Projet de loi concernant l'extension de l'offre scolaire du Lycée technique Michel Lucius et modifiant sa dénomination

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deene leschte Wochen a Méint gouf hei an der Chamber vill iwwert d'Méissproochegkeet debattéiert. Et ass an deenen Diskussiounen souwuel ëm déi Lëtzebuurger Sprooch wéi och ëm den Émgang mat de sougenannte Friemsproochen hei am Land gaangen.